N°1450
Entrée le 30.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.10.2024
Chambre des Députés

**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2024

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Héichschoulminister weiderzeleeden.

Opgrond vun enger Net-Äntwert vum deemolegen Héichschoulminister op d'parlamentaresch Fro Nr. 8124 vum 4. Juli 2023 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup iwwer Genderzwang op der Universitéit Lëtzebuerg ass et ubruecht dës Fro nach eng Kéier ze stellen:

Am "tageblatt" vum 3. Mäerz 2023 sot d'Madamm Sylvie Kerger, Dozentin fir pedagogesch Psychologie op der Universitéit Lëtzebuerg, iwwert d'Genderen: *„Ich glaube schon, dass es so eine Art 'Ansteckungseffekt' gibt. Es gibt mittlerweile viele Dozenten auf unserer Uni, die das Gendern verlangen."* An iwwert d'Situatioun an Däitschland: *„Auf deren Unis hat sich das Gendern schon durchgesetzt. Es werden eigentlich keine Arbeiten mehr angenommen, wenn sie nicht gegendert sind."*

An deem Zesummenhang hu mir follgend prezis Froen un d'Madamm Minister:

1) Kann d'Madamm Minister confirméieren, dass et Dozenten op der Universitéit Lëtzebuerg ginn, déi d'Gendere verlaangen?
2) Ass deemno déi normal klassesch Sprooch bei verschiddenen Dozente verbueden?
3) Wa jo, wéi gëtt dëst de Studente kommunizéiert?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten